NEIT KONZEPT 2018 YOUTH 2 SING POP / ROCK / MUSICAL / BEATBOX

No deenen 2 Stagen pop 4 teens a musical 4 teens, hunn d'Organisateuren sech fir 2018 en neit Konzept ausgeduecht. En intensive Workshop fir all jonk an talentéiert Sänger am Beräich vu Pop, Rock, Musical, ..., an awer och fir Beatboxer oder déi et gäre ginn (16-30 Joer).

Vum **23. - 26. Mee** hu si d'Méiglechkeet mat international renomméierte Coachen ze schaffen.

Dir sidd interesséiert?
Aschreiwungen &
weider Infos fannt Dir op:
www.emcr.lu
Musikschoul
Kanton Réiden
T +352 23 62 08 76
info@emcr.lu

D'Susanna Keye (D) ass net nëmmen eng talentéiert an erfollegräich Sängerin, mee och eng Coach mat jorelaanger Erfahrung. Si ënnerriicht d'Complete Vocal Technique, genausou wéi den Andy Loor, dien dës Gesangstechnik, déi sech speziell gutt fir moderne Gesang eegent, an der Musekschoul vum Kanton Réiden ënnerriicht.

www.susanna-keye.de

Mam Indra Tedjasukmana (D) hu mir ee vun de weltwäit beschte Beatboxer a Coache fir Popgruppen op Besuch. Jiddere kritt een Abléck an d'Konscht vum Beatboxing. Den Indra bidd awer och Eenzelstonnen un, fir all déi déi Loscht hunn dat bëssen ze verdéiwen.

Ausserdeem huet jiddereen d'Chance am Popchouer vum Indra gecoacht ze ginn. Hei fléissen och nach Elementer wéi Mikrotechnik oder Bühnepräsenz eran. Dobäi kënnt een och a Kontakt mam Genre „contemporary a cappella", die jidderee vu „Pitch Perfect" oder „Pentatonix" kennt.

www.indra-beatbox.com

Als weltweit tourender Beatboxer ist **Indra** eine Marke geworden.

Susanna Keye zeichnet gesanglich ihre Vielseitigkeit aus.

Den **Andy Loor** - Dirigent, Sänger a Vocal Coach

Amandine Moutier - Theaterpädagogin

Spéitstens beim Optrëtt vun der Vocal Band „**crush?!**", den Owend vum **25. Mee**, kritt de Public d'Chance dës nei a beléifte Form vun der vokaler Popmusek kennenzeléieren. Besonnesch spannend gëtt de Beatboxer-battle, tëscht hirem Beatboxer, dem Gabriel Rodrigues an dem Indra Tedjasukmana.

www.crush.lu

E weidere Programmpunkt ass d'Kierper- a Bühnenaarbecht mat der Theaterpädagogin Amandine Moutier (LU).

Bei enger klenger **Ofschlosspräsentatioun**, de **26. Mee**, weist dann nach eemol jidderee wat en an deene 4 Deeg geléiert huet.

Inhalt vum Workshop

Eenzelcoursë fir Sologesang oder Beatboxing (au choix)

Popchouer

Aféierung an de Beatboxing (fir jiddereen)

Méiglechkeet fir zousätzlech individuell Coursen am Beatboxing

Kierper- a Bühnenaarbecht

Virtrag iwwer d'Geschicht vun der "A Cappella-Popmusek"

Concert vun der Vocal Band "crush?!"

Ofschlosspräsentatioun

Aschreiwungen & weider Infos fannt Dir op: www.emcr.lu

Musikschoul Kanton Réiden

T +352 23 62 08 76
info@emcr.lu
Präis vum Stage: 120 €

crush!? – déi éischt Vocal Band zu Lëtzebuerg